Familljen-Center

4, rue G.C. Marshall
L-2181 Luxembourg
Tél.: 47 45 44
Fax: 22 22 06
www.familljen-center.lu
info@familljen-center.lu

Consultation et Préparation Familiale

Assemblée générale 2017

Lundi, le **24 avril 2017** de 19 à 21.00 heures
au **Familljen-Center**

Rapport

1. Ouverture de la séance par le président M Jean Wagner

De Präsident begréisst d'Memberen an d'Mataarbechter vum Familljen-Center. Hien dréckt e grousse Merci un d'ganz Equipe aus. Hien ënnersträicht d'Wichtegkeet, déi nei soziologesch Realitéiten vun der Gesellschaft zu Lëtzebuerg ëmmer am A ze hunn z.B. wat d'Zuel vun den Auslänner zu Lëtzebuerg betrëfft awer och wat de Sproochegebrauch am Familljen-Center ugeet.

2. Rétrospective de l'année 2016 de M John Weber, chargé de direction

Den John Weber gëtt ee Réckbléck op d'Joer 2016. Hie weist op de Joresbericht hinn, dee an der Annexe ass. Hien ënnersträicht awer eng Rei Punkten:

- D'Mme Dominique Faber ass nach ëmmer eng gudd Referenzpersoun am Ministär. Mir hunn d'Indicateuren, di mir an der Conventioun gesat kruten iwwertraff.
- Mir kënnen all eis Berodungen, Mediatiounen, socio-educatif Begleedungen an eis Aktivitéiten am Kader vun eiser Conventioun weiderféieren.
- Eise Service de consultation fonctionnéiert ganz gudd.
- Den Accompagnement socio-éducatif presentéiert sech mat der Kleederstuff an der Livraison fir d'banque alimentaire als Agangsdir, an dem Accompagnement vun eiser Assistante sociale, Lis Thomé, als Suivi. Eis nei Camionnette ass zënter Februar 2016 eng grouss Erliichterung am Alldag.
- Leider kann d'Médiatioun net esou wäit ugebuede ginn, wéi erwënscht, well eis Personalsdemanden an der Mediatioun nach opstinn. Vläit gëtt et awer eng positiv Reaktioun vum Ministère de la Famille fir 2018.
- An Zukunft muss nach un der Fro vum Personal weider verhandelt ginn an d'Konsequenzen vum Psychotherapiegesetz behale mir am A.

3. Bilan financier 2016

Den Trésorier Robert Braquet stellt de Rapport financier vir.

4. Rapport des réviseurs des comptes

De Spriecher vun de Réviseurs de caisse, Guy Lassine, mecht de Rapport a confirméiert, datt d'Keess exemplaresch gefouert ass, an datt alles an der Rei ass.

5. Nomination des réviseurs des comptes pour 2016

Par acclamation gin d'Réviseurs de caisse, Guy Lassine a Jean-Marc Beurlet och fir dat nächst Joer an hirer Charge confirméiert.

6. Décharge du conseil d'administration pour l'exercice 2016

D'AG gëtt dem Conseil d'Administration à l'unanimité décharge fir 2016.

7. Fixation de la cotisation pour 2017

D'Cotisatioun bleiwt och fir 2017 op 0 EUR festgesat.

8. Budget prévisionnel 2017, Projet de budget prévisionnel 2018

Den Trésorier Robert Braquet präsentéiert déi zwee Punkten. Am Kader vun der Conventioun gëtt vun dësem Joer un e Budget prévisionnel pluriannuel bis 2021 gefrot.

9. Admission de nouveaux membres par l'Assemblée Générale (cfr art. 7) et Membres rééligibles du Conseil d'administration (cfr art. 12)

D'Sylvie Schares deelt mat, datt si net méi am Conseil d'Administration wëll bleiwen.
De Präsident seet dem Sylvie Schares villmols Merci fir hier engagéiert Aarbecht am Familljen-Center an als Member vum CA.
Et leien zwou Kandidaturen vir, fir Member am Conseil d'Administaration vum Familljen-Center ze bleiwen: Me Claudine Erpelding an den Här Albert Hansen. Si ginn allen zwee par acclamation als Memberen vum CA erëm gewielt.

Et ginn nach zwou Mataarbechterinnen vum Familljen-Center geéiert: d'Rita Felten Mousel an d'Dorothee Jacoby-Urban di allen zwee an d'Pensioun ginn. E grousse Merci fir hire groussen Engagement fir de Familljen-Center.

10. Présentation du service "Accompagnement socio-éducatif" du Familljen-Center

D'Lis Thomé an d'Josiane Schiltz stellen an enger ganz interessanter Konferenz de Service socio-éducatif mat sénge verschiddenen Interventiounsniveauen vir: Accompagnement socio-éducatif, Kleederstuff, Banque alimentaire. Et gouf vill nogefrot a lieweg diskutéiert.

11. Verre de l'amitié

Ee flotte Moment ronderëm e Mauffel an e Patt hunn dës AG ofgeschloss.

John Weber a Vertriedung vun eiser Sekretärin